



Äntwert vum Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°1077 vum 31. Juli 2024 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen.

- 1) Plangt d'Regierung, méi Ressourcen am Beräich vun der richteger Sporternierung zur Verfügung ze stellen (Berodung, Begleedung, Suivi, Opklärung, asw.?)**

- 2) Wëll d'Regierung den Ernierungsspezialiste méi Moyenen zur Verfügung stellen, fir datt d'Athleten ënner hirer Opsicht sech mental besser op hir Competitioune virbereede kënnen?**

De Sujet Ernährung, virun allem am Leeschtungs- an Héichleeschtungssport, gewënnt ëmmer méi u Bedeitung. An deem Sënn sinn ech frou, dat eis Partner wéi de LIHPS oder de Sportlycée Spezialisten agestellt hunn déi d'Athleten*Innen an dësem Beräich beroden. Doniewt ginn eis Athleten*Innen och, wa si dëst an Usproch huelen, vun engem Sportpsycholog begleed.

D'Zil vun der Regierung ass et, esou wéi et aus Koalitiounsaccord ervirgeet, fir déi néideg personell a finanziell Ressourcen zur Verfügung ze stellen fir dat den Héichleschtungssport säi Potential ka komplett notzen.

Lëtzebuerg, den 21. August 2024

Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo